



Dossier de presse

Embargo : mardi 29.04.2014 à 17 heures

**Séance académique
«175^e anniversaire de l'indépendance du Grand-Duché de Luxembourg»**

29 avril 2014

Discours

du bourgmestre de la Ville de Luxembourg, Lydie Polfer

(langue : luxembourgeois)

Altesses royales,
Exzellenzen,
Dir Dammen an Dir Hären,

Ech sinn houfreg an ech freeë mech lech haut hei am Cercle Cité am Häerz vun der Stad empfänken ze dierfe fir zesumme mat lech den historiesche Moment ze feieren deen d'Fundament vun onsem Land, wéi mir et haut kennen, geluecht huet: d'Onofhängegkeet vum Grand-Duché.

Dësen 175. Anniversaire ass e ganzt besonnescht Fest. Besonnesch, wëll et ons un ee Moment an der Geschicht erënnert, wou Lëtzebuerg an d'Liewe vun de Lëtzebuerger en neien Ufank kritt hunn, deen hirem Schicksal eng nei Richtung sollt ginn. D'Onofhängegkeet vun onsem Land, déi ons 1839 vum Ausland zougestane gouf, huet et onse Virfaren erlaabt, e Bewosstsënn vun hirer Identitéit an hirer Verbonnenheet mam Territoire z'entwéckelen, politesch, ekonomesch, administrativ a sozial Strukturen ze schafen, déi néideg woren fir d'Organisatioun vun dëser neier Unitéit ze garantéieren, an en Nationalgefill ze entwéckelen dat den Zesammenhalt an d'Solidaritéit vun eisem Vollek sécherstellt.

An haut hu mer all Grond houfreg ze sinn op dat wat Lëtzebuerg an d'Lëtzebuerger erreecht hunn an deenen 175 Joer wou d'Land besteet.

Duerch d'Onofhängegkeet vun onsem Land konnt ons Haaptstad sech vis-à-vis vum Afloss vun de Nopeschlänner behapten.

D'Joer 1839 war sécherlech wichteg fir d'Entwécklung vun der Stad Lëtzebuerg, mee d'Joer 1867 war net manner wichteg: duerch d'Schläifung vun der Festung huet Lëtzebuerg sech zu engem wirtschaftlechen, kommerziellen a kulturellen Zentrum konnt entwéckele mat deem d'Nopeschlänner zur dëser Zäit sécher net gerechent haten. Am Laf vun de Joren huet dës Entwécklung net nëmmen d'Lëtzebuerger begeeschtert, mee och eng ganz Rei Leit aus dem

Ausland ugezunn déi hei e puer Méint oder e puer Joer verbréngen oder esouguer beschléisse sech ganz hei nidderzeloossen.

Wa mer 1839 nëmmen zu 20.000 woren, sou huet d' Stad haut eng Awunnerzuel vun 104.000 Leit, dovunner 68% Nët-Lëtzebuenger. A mir kënnen houfreg sinn op ons weltoffen a multikulturell Stad déi oppe fir Verännerung an Entwécklung ass an trotzdem no u sengen Awunner bliwwen ass.

A besonnesch houfreg sinn ech awer och fir lech hei an engem vun eise schéinste Säll an der Stad begréissen ze dierfen. Dëse „Stater Salon“, wéi mir e sou gär nennen, huet d'Geschicht vun de Lëtzebuenger vum Ufank vum XXe Jorhonnert u begleet. De fréiere Cercle municipal deen zu engem feste Bestanddeel vum heitege Cercle Cité ginn ass, ass en Zeie vun der Entwécklung vun der Stad a vun deem wat se duerchlieft huet. De Cercle huet festlech Momenter, Volleksfester a Studentebaler, Staatsvisiten, d'Feier fir de 25. Anniversaire vun der Trounbesteigung vun senger Altesse dem Grand-Duc Jean, an, musse mer nach drun erënneren, de Centenaire vun der Onofhängegkeet am Joer 1939, erlieft.

Mee dëse Sall war och Zeie vun den däischterste Momenter vun onser Geschicht, wéi während der Besetzung am 2. Weltkrich. Sou goufen zum Beispill am Cercle Manifestatiounen ofgehalen, déi den Naziregime gefeiert hunn.

An de 50er a 60er Joren ass de Cercle erëm opgebléit an huet déi éischt Séancë vum Conseil spécial des ministres vun der CECA empfaang a soumat Lëtzebuerg erlaabt seng Präsenz op der europäescher Kaart um politeschen a wirtschaftlechen Niveau ze bekräftegen.

Et ass wichteg dass mir ons un ons Geschicht an un ons Vergaangenheet erënneren, ons se ëmmer erëm virun An halen, an dës wichteg Momenter an Ereegnësser déi eng Gemeinschaft geschaf hunn, net vergiessen: déi vun enger Stad, déi fir hir Awunner do ass, déi houfreg ass engem Land ze déngen, dat seng Fäegkeet sech op eng responsabel Manéier selwer ze géréieren ënner Beweis gestallt huet, an houfreg ass, Deel ze sinn vun der grousser Famill vun den europäeschen Natiounen.

Et läit un ons, dem Vollek an dem Land ze erméiglechen d'Jalonen ze setze fir dass d'Gesellschaft an d'Land vu muer mat Houfert d'Verse vum Michel Lentz, déi 1859 geschriwwen goufen, kënnen opgräifen:

„Kommt hir aus Frankräich, Belgien, Preisen,
Mir wëllen lech ons Heemecht weisen,
Frot Dir no alle Säiten hin,
Wéi mir esou zefridde sinn.“